Dem Säppel seng

# Äppel



Am Park Sënnesräich zu Lëllgen
begleet de Säppel d'Kanner duerch een Dag,
wou sech alles ëm seng geléift Äppel dréit.



*Wärend ronn 4 Stonne kréien d'Kanner*
*déi meescht giess Uebstzort, den APEL,*
*méi nobruecht:*

Ugefaange gëtt mat enger interaktiver Quizronn a Form vun engem Klassenduell:
Wou wiisst den Apel?, Wéini ginn d'Äppel gepléckt?,
Zu wéi enger Liewensmëttelkategorie gehéiert den Apel?, ...

Uschléissend gëtt eegene Viz hiergestallt:
Aus den Äppel vun de sëllegen Äppelbeem aus eisem Sënnesgaart
gëtt Viz gepresst.
Fir den hausmaacher Viz mat Heem huelen ze kënnen
gi gliese Fläsche personaliséiert.
Soumat ass net just den Inhalt ma och d'Verpackung 100% originell.

Fir den Heemwee vun esou engem ereegnesvollen Dag
brauch et eng kleng Stäerkung.
Dofir gi mëttes Äppeltäschen an eiser Bakstuff gemaach.

(Arrivée: 09h15 - Depart: 14h30)

# informatiounen

17,50€ / Kand
12,50€ / Begleetpersoun

09h15 - 14h30
mat enger Stonn Mëttespaus
(Entweeder Mëttegiessen an a vum Bistro Sënnesräich
oder eegene Picknick op der Picknickplaz am Sënnesgaart)

Wierdergerecht Kleedung
(in- an outdoor Aktivitéiten)

D'Verantwortung läit bei de Begleetpersounen
a net bei de Guidë vum Park Sënnesräich

Eng Visitt vum Matmaach-Musée
ass an dëser Offer net inklusiv,
a kann aus zäitleche Grënn och net dobäi gebucht ginn

Dem Theema ugepasst Mëttegiessen,
zerwéiert am Bistro Sënnesräich,
ka gär dobäi gebucht ginn
(bistro@sennesraich.lu / +352 99 47 84 37)

# *Umeldung*

fir d'Participatioun un der Offer

Deelt eis wgl. folgend Informatioune bei Ärer Umeldung
per E-Mail un **info@sennesraich.lu** mat:

- Wonschdatum
  (tëschent *Méindes, dem 2. Oktober* a *Freides, dem 20. Oktober*)
- Numm vun der Schoul / Betreiungsstruktur
- Unzuel vun de Kanner
  (max. 30 Kanner)
- Léierzyklus
  (2.1, 2.2, 3.1, 3.2, 4.1)
- Unzuel vun de Begleetpersounen
- Kontaktpersoun
  - Numm a Virnumm
  - Telefonsnummer
  - E-Mail-Adress
- Bezuelmethod
  - Op der Plaz
  - Rechnung
    - Numm
    - Adress

→ vun der Organisatioun déi d'Rechnung geschéckt kritt




De Säppel
freet sech op iech !